PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22/03/2021

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Bannenzeg Sécherheet & Interieur weiderzeleeden.**

A menger parlamentaresche Fro n°614 hat ech mech bei den zoustännege Ministeren informéiert wéi vill Avertissements taxés zu Lëtzebuerg ausgestallt ginn. Aus der Äntwert goung ervir, dass d'Agents municipaux an d'Radaren dem Lëtzebuerger Staat 2019, ronn 2,7 Milliounen un Recetten abruecht hunn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi vill Avertissements taxés sinn 2020 dresséiert ginn? Wéi vill dovunner si bezuelt ginn a wéi vill sinn net bezuelt ginn?
2. Wéi vill Avertissements taxés si vun 2013 bis 2019 nëmme vun de Gemengenagenten ausgestallt ginn (opgelëscht no Gemeng an no Joer)?
3. Wéi héich war den Undeel vu Recetten, dee bei vun de Gemengenagenten erstallten Avertissementer, un d'Gemenge verdeelt ginn ass (opgeschlësselt no Gemeng an no Joer)?
4. Wéi huet sech d'Gesamtzuel vu Agents municipaux an deene leschten 20 Joer (2000-2020) an de verschiddene Gemengen entwéckelt (opgelëscht no Gemeng an no Joer)?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député